N°3159
Entrée le 07.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°3159 vum 5. November 2025 vun der éierewäerten Députéierten Madamm Octavie Modert iwwert "Vespa velutina"**

**Gëtt et eng Analys, wéi vill Beievëlker schonn zerstéiert gi si vun der asiatescher Horniss?**

Laut den d'Donnéeë vum järleche Recensement 2025 gouf ee Verloscht bei de Beievëlker vu 16,1% festgestallt. Dëst ass méi héich par Rapport zu de Joren 2024 (8,6% Verloscht) an 2023 (9,4% Verloscht). Am järleche Recensement kann ee net differenzéieren, ob d'Ursaach vum Verloscht mat der *Vespa velutina* zesummenhänkt. Allerdéngs hunn d'Experts apicoles an d'Imker méi Perten duerch *Vespa velutina* beklot.

An der Beefirst-Studie vun 2024, wou 389 Froebéi ausgewäert goufen, gouf ee Verloscht vu 24,2% (211 Beievëlker) a Bezuch ob d'*Vespa velutina* festgestallt.

**• Wéi vill Näschter vun dëser Spezies goufe bis elo insgesamt zu Lëtzebuerg detektéiert a wéi vill sinn der onschiedlech gemaach ginn?**

2025 si bis ewell 215 Näschter vun der Naturverwaltung (ANF) neutraliséiert ginn. Säit 2020 sinn et der am Ganzen 373.

**• Wéi eng konkret Moossnamen ergräift d'Regierung aktuell, fir d'Ausbreedung vun der asiatescher Runn aktiv anzeschränken oder ze kontrolléieren?**

D'ANF neutraliséiert aktuell d'Näschter, déi sech op ëffentlechem Terraine befannen a wou am direkten Ëmkrees eng Gefor fir Mënsche besteet, i.e. bei Schoulen, Altersheimer, Bushaltestellen, etc.

**• Wéi gëtt d'Koordinatioun tëscht der Naturverwaltung, de Gemengen, an de Beieverbänn organiséiert?**

De Plan d'action fir d'Asiatesch Runn wäert am Wanter mat der Mathëllef vun de concernéierten Acteuren, wéi ënnert anerem de Vertrieder vum Lëtzebuerger Landesverband fir Beienzuucht an de Gemengen iwwerschafft ginn. An deem Dokument wäerten och déi jeeweileg Zoustännegkeete festgehal ginn.

**• Wat mécht d'Regierung, wann sech d'Näschter vun der asiatescher Runn op privatem Terrain befannen?**

Am Prinzip ginn d'Näschter op Privatterrainen net vun der ANF neutraliséiert. D'Privatleit kréie geroden, sech un eng Firma ze wenden.

**• Wien kënnt fir d'Käschten op, wann Näschter onschiedlech gemaach muss ginn?**

Op ëffentlechen Terraine kënnt d'Gemeng oder d'ANF fir d'Käschten op, op Privatterraine kommen d'Privatleit dofir op.

**• Gëtt et e Monitoring, deen den Impakt vun der Vespa velutina op d'Biodiversitéit analyséiert, a wa jo, wat sinn d'Resultater vun dëser Analyse?**

Zu Lëtzebuerg gëtt et aktuell keen esou ee cibléierte Monitoring.

**• Denkt d'Regierung iwwert eng Meldeflicht no, wann en Nascht mat asiatesche Runnen entdeckt gëtt?**

De Besoin vun enger Meldeflicht wäert am Aarbechtsgrupp vum Plan d'action fir d'Asiatesch Runn analyséiert ginn.

**• Wéi kënnen déi zoustänneg Instanzen den Imker a Beienziichter hëllefe bäi dëser Plo?**

Am Kader vun dem Iwwerschaffen vum Plan d'action fir d'Asiatesch Runn wäert gekuckt ginn, wat fir eng Méiglechkeeten et ginn fir den Imker direkt an administrativ ze hëllefe fir hir Beien am beschte géint dës Aart ze schützen.

**• Ginn et Méiglechkeete vun Entschiedegung fir de Verloscht vun Hunnegbeiestäck duerch Attacke vun asiatesche Runnen?**

Et ass net virgesi fir d'Imker fir Beievëlker ze entschiedegen, déi duerch *Vespa velutina* verluer ginn. Bei Verloschter duerch d'Varroa-Milb gëtt dat och net gemaach.

**• Ass d'Regierung am Austausch mat den Nopeschlänner (Frankräich, Däitschland, Belsch), fir eng grenziwwerschreidend Koordinéierung am Kampf géint dës invasiv Aart opzebauen?**

En Austausch op techneschem Niveau fënnt geleeëntlech statt, eng grenziwwerschreidend Koordinéierung am Kampf géint dës invasiv Aart ass aktuell net en place.

Lëtzebuerg, de 7. Januar 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit